
Communiqué zum Ausbau vum Sportunterricht am Secondaire

Mat Freed begrëisse mir d'Decisioun vum Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, ab dem nächste Schouljoer eng zousätzlech Stonn Sport fir d'Schüler*Inne vun de Klasse vu 6^e, an d'Joer drop och eng weider Stonn op 5^e anzeféieren.

Mir felicitéieren dem Minister Claude Meisch dofir, dass hien en Zeeche setzt an am Kader vun der Campagne fir eng besser Screen-Life Balance, de Volet vu Bewegung a Sport net vernoléisst.

D'Schoul ass déi Plaz wou mer all d'Kanner a Jugendlecher errechen a fir vill Jonker déi eenzeg Geleeënheet wou Bewegung an hirem Liewe stattfënnt. Domat ass den Ausbau vum Sportunterricht a vum parascolaire Sport an der Schoul e wichtege Schrëtt fir eng méi gesond Zukunft fir eis Schüler*Innen.

Säit Joerzénge warnen d'Etudë vun den Auswierkunge vu steigender Sedentaritéit an deenen domadder verbunnene Risiken. D'Corona-Kris, de wuessenden Impakt vu Social Media an aner Entwécklungen aus de leschte Jore, z.B. verännert Familijsituatiounen, méi Zäit a Betreuungsstrukturen an Urbaniséierung, hu kloer gemaach, wéi imminent néideg en Ëmdenken ass fir aktiv eppes fir déi kierperlech Gesondheet an d'Wuelbefanne vun eise Schüler*Inne ze maachen.

Sport ass méi wéi just eng kierperlech Aktivitéit. Déi vill positiv Auswierkunge vu Sport op de mënschleche Kierper¹ kritt een oft genuch virgehalen, mee d'Bedeutung vu Bewegung als zentral Sail fir dat allgemengt Wuelbefanne gëtt nach ëmmer ënnerschat. D'Entscheidung fir de Wäert vum Sport an der Schoul ze fërderen, weist e staarken Engagement fir eppes fir d'Gesondheet an d'Entwécklung vun de kommende Generatiounen ze maachen.

Mir sinn eis der Envergure bewosst a freeën eis drop dës zousätzlech Méiglechkeeten am Schoulsport ze notze fir de Schüler*Innen de Sënn an d'Freed un der Bewegung ze vermëttelen an d'Grondsteng fir e gesunde Liewensstil ze leeën.

¹<https://www.who.int/news-room/fact-sheets/detail/physical-activity> (27. Feb 2025)